

Oktoberrevolitioun zu Rëmeleng: D'Hypokrisie vun der LSAP!

Pressematdeelung vum 23. Oktober 2017

De sozialistesche Buergermeeschter Henri Haine geet zu Rëmeleng eng Koalitioun mat de Kommunisten an – eng kleng Revolitioun, wann ee bedenkt, datt d'KPL zanter Joerzëngten kee Schäfte méi an engem Gemengerot gestallt huet. Nach méi revolutionär ass allerdéngs, datt grad d'LSAP esou eng Koalitioun ageet, ëmmerhi steet d'KPL an hirem Walprogramm kloer fir d'Ofschafe vum Kapitalismus a vum Privatbesëtzt vu Firmen a Banken, fir d'Opléise vun der Europäescher Unioun an hirer jëtzege Form an d'Festhalen u lénksextremistesche Positiounen ouni all Distanzéierung zu leninisteschen-stalinisteschen Dogmen. Extremismus an oppen EU-Feindschaft ginn Hand an Hand.

Engem Etienne Schneider dierft d'Ofschafe vum Kapitalismus wuel manner gefalen. Fir de sozialisteschen Aarbechtsminister gehéiere wirtschaftlech Prestigeprojeten, wéi d'Implementatioun vu multinationale Konzernern zu Lëtzebuerg zu de wesentleche Piliere vun der Existenzberechtigung vun der LSAP. An den Ae vun der KPL ass d'Regierung dofir eng Marionett vum kapitalisteschen System – Widderspréch, déi méi substantiell wuel kaum si kéinten.

Fir den Henri Haine aus der sozialistescher Héichbuerg vu Rëmeleng alles hallef sou wëll: Et wär een sech an de Koalitiounsverhandlung mat der KPL schnell eens ginn, de Walprogramm vun der KPL wär deem vun der LSAP zu Rëmeleng op alle Fall am noosten gewiescht an iwwehaapt, béid Parteien wäer jo sozial orientéiert. Déi politesch Nonchalance mat där den LSAP-Mann de Kommunisten d'Dieren fir d'Gemengeféierung opmécht wierkt scho bal grotesk. Awer wéi gesot: Alles hallef sou wëll, schliisslech hunn sech béid Parteien um nationalen Niveau d'Hand ginn an der Eenheet vum Widerstand géint e gemeinsame Géigner: d'ADR!

D'LSAP schléisst, wéi z.B. zu Beetebuerg, eng Koalitioun mat der ADR vu vireran aus... ze extremisteschen, ze europakriteschen. Mat de Kommunisten huet d'LSAP do sécherlech eng vernëfteg a gemässegt Alternativ fonnt! A wa bis zu Rëmeleng de leschte Privatbesëtzt ofgeschaaft ass, wäert och den Etienne Schneider zur Besënnung fannen, datt Lëtzebuerg endlech senger Bestëmmung als Aarbechter- a Bauerestaat gerecht soll ginn.

Eng humoristesche Optik op déi rezent Faiten dierft allerdéngs grondleeënd Froen net verstoppen: Wou bleift déi moralesch Integritéit vun der LSAP? Wéi ginn d'Sozialisten mat hirem Verloscht u Glafwierdegkeet ëm? A virun allem: Hunn d'Sozialisten hiert Gesiicht verluer – oder hiert richtegt Gesiicht gewisen?